N° 5033
Reçue le 30.09.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.10.2021

Lëtzebuerg, den 30 September 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

„Den E-Kommissariat vun der Police gëtt et elo zanter dem 27. Juli 2018. Dee Portail huet net nëmmen de Virdeel, datt méi Polizisten um Terrain kënne sinn, mee och datt d'Leit sech net méi mussen deplacéieren, fir eng einfach Plainte oder e puer aner Deklaratiounen, wéi zum Beispill verlueren Objeten oder en einfache Vol ze maachen.

Déi zweet Hallschent vum Joer 2018 sinn direkt iwwer 1.000 Fäll online deklaréiert ginn. 2019 sinn eng 4.300 Affären iwwert den E-Kommissariat erakomm. Dem Aktivitéitsrapport vun der Police no sinn 2020 esouguer ronn 5.500 Affären iwwert dee Wee traitéiert ginn. No gutt dräi Joer wier et elo un der Zäit, fir en éischte Bilan ze zéien.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

- *Entspriechen déi genannten Zuelen den initialen Erwaardunge vum Här Minister?*
- *Hat d'Pandemie en Afloss op d'Zuele vum leschte Joer? Wa jo, wéi bewäert de Minister dës Zuelen?*
- *Gëtt eventuell dru geduecht, fir d'Palett vun den Deklaratiounen, déi ee kann iwwert den E-Kommissariat mellen, ze vergréisseren?*
- *Wa jo, wéi eng Deklaratioune wieren dat?*
- *Wann net, wat sinn d'Grënn fir d'Palett net auszebauen?*
- *Wéi vill Persoune schaffen am Service, deen d'Deklaratioune vum E-Kommissariat verschafft?*

- *Wéi laang dauert den Traitement vun den Affairen an der Reegel?*
- *Gëtt eventuell dru geduecht, fir weidert Personal anzestellen? Wa jo, wéi eng Formatioun mussen déi Leit hunn?“*

Mat déiwem Respekt,





Max HAHN
Deputéierten

Claude LAMBERTY
Deputéierten